# 1 9 4 4 .

1944 wor e Joer vu Schrecken, Doud a Muerd fir eis Heemecht a Resistenz,eis Heemecht steet weiderhin ënnert der Fuchtel vun den Naziën. Nach ëmmer gi mir gekniet,gediergengelt,gehëtzt, verfollegt a gejot. Durech lëtzebuerger Verréider (rin),lëtzebuerger Naziunhänger falen vill gutt Patrioten(innen) Resistenzler (innen) der Gestapo an d'Hänn. No engem Verhéier wat oft Deeg gefouert an ungehalen huet gouf mat Fauscht,Feiss,Knëppelen,Fareschwanz an der Villa Seligman zu Esch/Uelzecht oder an der Villa Pauly zu Lëtzebuerg gutt Lëtzebuerger gepéngescht fir dann duerno de Wee no Hinzert unzetrieden, fir vill vun desen ongléckleche Affer wor d'KZ Hinzert Endstatioun,ouni Gnod,ouni Erbaarmen vu Mäerderhand,Verbriecher, Sadisten,SS asw.doutgeschloën,erschoss an ermuert gin.Grad esou berüchtegt wéi Hinzert a grad esou brutal, wann nët nach méi wore d'Kazetter Dachau,Auschwitz,Rastatt,Natzweiler asw...och do huet sou munnecher Lëtzebuerger op bestialescher Weis a Manéier durech Nazibrütten säi Liewe hirgin,misse loossen an et kann een vun dausend Gléck schwätze fir déi jéinesch, déi sech dem Zougrëff,de Klauen vun den Hitlerschergen konnten entzéien a sech a Secherheet konnte bréngen (well fir déi hat eng gutt Nonn gebiet) soss wären Doudesaffer nach vill méi grouss gin. Duerch dësen Händicap, a Verloscht sin et grouss Lächer an eis Reihen gin, entstanen,déi nët méi ze fëlle resp. ze ersetze waren,trotz schlechte schrécklechen Noriichten trotz Reckschléi,Händicap,Verhaftongen,Ëmsidelong,Prisong,KZ, trotz Doudesstrof geet de Widderstand géint Nazidäitschland verbassen weider,ëmmer an ëmmer erëmm gët e Wee e Lach fond fir dëst oder dat Affer der Nazihell ze enträissen,der Miermuecht ze entkommen,sief et bei enger gudder Famillgen,engem Noper,Frënn, engem Bauer oder bei den eegenen Elteren,bei Papp a Mamm. Uertert d'ganz Ländschen sin iwwerall Stoppen,Verstecker zustane komm, fir deene bäizestoen ze hëlleffen déi a Nout,Bedrängnëss gerode wooren., am Eislek, an de Louhecken,an de Bëscher,op de grousse Baurenhäf,an de Gallerien,

den Minièren wou zu honnerte (1oo)Menschen sutzen déi de Mäerderklau
der Naziband entkomm sin. Sou wor zu Niederkuer an der Gallerie
Hondsbësch e Bunker zu stane komm deen mat honnertzwanzeg (12o)
Jongen besat wor.Zou Rëmléng an der Minière de Bunker Eisekaul genan
wou fënnefanzwanzeg(25) Jongen während Wochen a Méint hiren Ennerdag
haten. De Bunker Eisekaul sollt vergréissert gin, mä et ass leider
nëtt méi duerzou komm well durech gewessen Emstänn resp.Zoustänn
huet dëse Bunker fluchtaarteg verlooss a geraumt musse gin, esou och
de Bunker Hondsbësch,honnertvéierzeg bis honnertfofzeg (14o-15o)
jong Lëtzebuerger Borschten op der Flucht, op der Sich no enger
neier Stopp,fir en neien Ënnerdag an dat ouni datt ee (1) vun dëse
Jongen an d'Hänn vun der Gestapo,SS, Polizei gerode wier. Si kommen
all a Secherheet an a Ënnerdag.

...............